N° 8030
Entrée le 25.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.05.2023

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 336 / 2023
25 MAI 2023
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 25. Mee 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Drénglechkeetsfro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Den Här Minister sot an der Reunioun vun der Agrarkommissioun vum 28. Abrëll sënngeméiss, datt laut der europäescher Reglementatioun an Zukunft Ställ just nach dierften no der Bio-Norm gebaut ginn. An deem Zesummenhang wëll ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Wat fir eng europäesch Reglementatioun gesäit fir, datt och Betriber, déi net biologesch schaffen, déi europäesch Bio-Norme beim Bau vu Ställ mussen erfëllen?
- Kann de Minister eis dës Reglementatioun zur Verfügung stellen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen, Deputéiert

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8030 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

- **Wat fir eng europäesch Reglementatioun gesäit fir, datt och Betriber, déi net biologesch schaffen, déi europäesch Bio-Norme beim Bau vu Ställ mussen erfëllen?**
- **Kann de Minister eis dës Reglementatioun zur Verfügung stellen?**

Deen aktuelle Gesetzesprojet betreffend déi nohalteg Ënnerstëtzung vun de ländleche Gebidder, deen sech de Moment um Instanzewee befënnt, gesäit fir, dass fir an de Genoss vun enger Ënnerstëtzung fir een neie Stall kënnen ze kommen, déi betreffend europäesch Bionorme mussen erfëllt ginn. Am Fall wou eng Bäihëllef fir Aarbechten un engem bestoende Stall gefrot ginn, sinn dës Normen och applikabel fir déi Partie vum Gebai, wou d'Aarbechte realiséiert ginn. Déi betreffend Bäihëllefen an d'Normen an aner minimal Konditiounen, déi bei Investitiounsbäihëllefe mussen agehale ginn, hunn als Zil, déieregerecht Ställ ze fërderen an déi einschlägeg Emissiounen sou niddereg wéi méiglech ze halen. Doriwwereraus ass de Betrib dann och virbereet, fir eng eventuell Ëmstellung op déi biologesch Landwirtschaft ze maachen.

Ginn kéng Bäihëllefen ugefrot, ass de Bauer frei ze decidéieren, op hien sech un den europäesche Bionormen orientéiert oder net.

Doriwwer eraus gëtt aktuell un der Neifaassung vun der europäescher Industrieemissiounsrichtlinn geschafft, an där groussen Déierenhaltungsbetriber kloer Leitlinne virgi ginn, fir déi richteg Investitiounen ze tätegen, fir dass d'Schadstoffemissioune wierksam reduzéiert ginn.

Zil vun der Regierung ass et fir déi landwirtschaftlech Betriber effikass an zilorientéiert bei hiren Investitiounen ze ënnerstëtzen, fir modern an déieregerecht Ställ kënnen ze baue respektiv sou ze moderniséieren, dass si och deene kommenden Emissiounsrichtlinne gerecht ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN